Lëtzebuerger
Guiden a Scouten

SAFE
FROM
HARM




# SAFE FROM HARM POLICY

# Moien !


“Safe from Harm” war schonn 2002 en Thema op der 36. Welt-Konferenz a Griicheland, wou Resolutioun 2002-7 gestëmmt gouf, fir déi Jonk virun all Form vu Maltraitance ze schützen.

De Verbandscomité vun den LGS huet d'Ekipp «Safe from Harm» beoptraagt, sech der Thematik vum Wuelbefanne vun all senge Memberen unzehuelen, dëst a Form vun engem berodenden an onofhängege Gremium.

Déi heite Richtlinn ass déi offiziell Positioun vun den LGS iwwer d'Wuelbefanne vun all senge Memberen. Dës Richtlinn riicht sech deemno un all Benevollen dee bei den LGS aktiv ass oder hëlleft, wéi och un all Professioneller, déi am Kader vun den LGS schaffen. Heimat distanzéiert de Verband sech vun all Forme vu Mësshandlung.

Lëtzebuerger Guiden a Scouten

LGS-Safe from Harm



# Inhaltsverzeechnes


Mësshandlung - net an den LGS 4

De sëchere Kader 5

Safe from Harm Ekipp 6

- Missioun 6
- Zesummensetzung 6
- Fonctionnement 7
- Confidentialitéit 8
- Konsequenzen 9

LGS Richtlinn vum Safe from Harm 10

- Intro 10
- Kierper 10
- Geescht 10
- Gefiller 11
- Spirituellt 11
- Soziaalt 11
- Zieler an Zäitplang 12
- Richtlinnen, Procéduren a Reglementer 12

Annexes 13

# Mësshandlung - net an den LGS

“Ënner Mësshandele vum Wuelbefanne vun de Jonke versti mir all Forme vu kierperlecher an/oder emotionaler Mësshandlung, sexuelle Mëssbrauch, Vernoléissegung oder Verhalen déi eng Persoun benodeelegt, kommerziell oder aner Forme vun Ausbeutung, déi zu enger tatsächlecher oder potenzieller Beanträchtegung vun der Gesondheet, dem Iwwerliewen, der Entwécklung oder der Würd vum Kand, Jugendlechen oder Erwuessenen, am Kader vun enger Bezéiung op Basis vu Verantwortung, Vertrauen oder Muecht féieren” (iwwersat vun der Definitioun vun der WHO).

Et ass wichteg, dass de Guidismuss a Scoutismuss e séchert Ëmfeld fir seng Membere schaaft a virun allem fir eis Jonk. Just esou ass garantéiert, dass jiddereen sech a senger Perséinlechkeet ka weider entwéckelen a positiv Erfarunge fir säi Liewe ka maachen. De sécheren Encadrement vun eise Jonken ass eng Responsabilitéit, déi all Persoun, déi bei den LGS matmécht, dréit an eescht hëlt.

Dohier setzen d’LGS an deem Kader eng ganz Rei Mesuren ëm, fir esou gutt wéi méiglech d’Wuelbefannen, d’Sécherheet an d’Entwécklung vu jidderengem ze erméiglechen.

Eise Leit[1] e séchere Kader bidde schléisst no WOSM eng Rei Dimensiounen an:

- Jiddereen dofir sensibiliséiere a forméiere wéi wichteg d’Wuelbefanne vun all eise Leit ass
- All Mënsch mat an d’Thematik abannen (déi Jonk, déi erwuesse Memberen, professionellt Personal, Elteren an extern punktuell Hëllefsleit)
- Déi edukativ Objektiver vun den Aktivitéiten upassen
- D’Sécherheet wärend Guiden- a Scoutsaktivitéite garantéieren
- E Kader bidde fir déi perséinlech Weiderentwécklung vun de Jonken ze garantéieren
- D’Férderen an den Encouragement vu positivem Behuelen
- Nom Guiden- A Scoutsgesetz agéieren an Toleranz a Respekt liewen
- D’Anhale vum nationale legislative Kader.

1 De Begrëff «Leit» gëllt fir all Persoun, déi am Kader vu den LGS aktiv ass.



# De séchere Kader

Mat dëser Richtlinn schafe mir e séchere Kader, an deem eis Leit sech beweege an no deem si handele kënnen, dëst souwuel präventiv wéi och reaktiv.
Fir déi perséinlech Weiderentwécklung un Hand vu folgende Beräicher (Kierper, Geescht, Gefiller, Spirituellt, Soziaalt) ze ënnerstëtzen, gi reegelméisseg Formatiounen a Programmer organiséiert. Preventioun a Sensibiliséierung si wichteg Voleten déi weider ausgebaut ginn. Dës Volete gi vun der Ekipp Safe from Harm bei den LGS garantéiert.

Um nationale Plang huet de Verband eng Rei vu Statuten, Reglementer an Informatiounsdokumenter ausgeschafft, déi et de lokale Gruppen erméiglecht dës Richtlinn ëmzesetzen. Dorënner falen zum Beispill: Reglementatioun iwwert Member/Chef, Formatiounen, Informatiounsmaterial zu den Theme Sexualitéit, Drogen, Gesondheet a Sécherheet, Prozeduren zum Jugendschutz.

Dës Richtlinn ass am Sënn vum Guiden- a Scoutsgesetz vun den LGS ausgeschafft ginn. Dëst Dokument gëtt all fënnef Joer vun der LGS Safe from Harm Ekipp evaluéiert an ugepasst.

An der Annexe fannt dir Dokumenter fir déi praktesch Ëmsetzung vun dëser Richtlinn grad esou wéi Begrëffserklärungen.

Safe from Harm

Bei den LGS

E séchere Kader

Fir jiddereen








# Safe from Harm Ekipp

## Missioun

Safe from Harm Ekipp huet d'Missioun, op lokalem an nationalem Plang:

- fir d'Bekanntmaachen, d'Sensibiliséierung an d'Uwendung vun däser Richtlinn ze suergen
- fir de Verband an den Themen ze beroden, déi a Verbindung mam Safe from Harm Programm vu WOSM stinn
- fir Ufroe betreffend dës Richtlinn ze beäntweren, an am anere Fall ze beroden, ze informéieren, ze intervenéieren oder un professionell Servicer weider ze leeden.

## Zesummesetzung

D'Safe from Harm Ekipp besteet aus mindestens 4 Persounen.

Wann méiglech, soll 1 vun deene Persounen ee Permanent vun den LGS sinn.

D'Membere vun der Safe from Harm Ekipp mussen net onbedéngt Member vun den LGS sinn.

D'Majoritéit vun de Membere vun der Safe from Harm Ekipp mussen awer Membere bei den LGS sinn. De Permanent zielt als Member vun de LGS.

D'Safe from Harm Ekipp kann och Experten (z.Bsp.: Profession de la Santé) als Conseiller invitéieren.

De Coordinateur gëtt vum Team bestëmmt. D'Membere vun der Safe from Harm Ekipp ginn net gewielt oder bestëmmt.
De Coordinateur stellt, mam Accord vum Team, Safe from Harm Ekipp zesummen.
Potentiell Membere gi vum Coordinateur gefrot oder kënnen hier Kandidatur beim Coordinateur eraginn.

D'Ekipp erneiert sech all fënnef Joer, ab dem Datum wou se bestëmmt ginn ass, selwer. Heimat soll garantéiert ginn, datt d'Ekipp duerch nei Memberen en neien Input kritt an sech esou permanent selwer evaluéiert.

Fir esou no wéi méiglech un der Basis ze sinn, ginn an all Branchen-Ekipp mindestens 2 Persounen zur Safe from Harm Kontaktpersoun ausgebilt.

## Fonctionnement

D'Safe from Harm Ekipp trëfft sech:

- op Initiativ vu senge Memberen
- wann eng Ufro
  - vun engem Member vun den LGS gestallt gëtt
  - oder eng Ufro vun enger externer Persoun, betreffend e Member vun den LGS, gestallt gëtt.

Eng Ufro kann eng vun den folgenden Themen betreffen:

- eng Mediatioun
- eng Krisegestioun oder
- eng Ënnerstëtzung vun engem Grupp, engem Chef oder engem Member vun den LGS.

Sollt eng Persoun bemierken, datt dës Bestëmmungen net agehale ginn, oder datt eng Interventioun vun der Safe from Harm Ekipp néideg ass, soll se mat de Safe from Harm Kontaktpersounen aus de Branchen-Ekippe Kontakt ophuelen. Sollten dës Persounen net erreechbar sinn, gëtt d'Safe from Harm Ekipp direkt kontaktéiert.

Wann d'Kontaktpersounen Ënnerstëtzung brauchen, kontaktéieren si d'Safe from Harm Ekipp.

Sollt e Member vun der Safe from Harm Ekipp bei enger spezifescher Ufro en Interessekonflikt hunn, enthält se sech bei sämtlechen Interventiounen, déi dës Ufro betreffen.

Eng Infographik mam Kontaktwee an de Kontaktdaten ass an den Annexen.

D'LGS hu Prozedure fir spezifesch Problematiken ausgeschafft. Dës Prozedure sinn anzehalen an erkläre, wéi een an deene verschiddene Fäll virgoe soll.



**Réunioun Safe from Harm**

Op Initiativ vu senge Memberen

Bei Ufro vun engem Member vun den LGS

Bei Ufro vun engem externen betreffend e Member vun den LGS



## Confidentialitéit

D'Memberen aus der Safe from Harm Ekipp behandelen all Informatioune mat der gréisst méiglecher Confidentialitéit.

Am Fall wou eng Drëttpersoun intervenéieren misst, kritt dës Persoun déi néideg Informatiounen, déi se fir hir Interventioun brauch an déi am Interêt vun der concernéierter Persoun sinn.

Et gëtt am Virfeld mat de betraffene Persoune Récksprooch geholl, wéi eng Informatioune weidergeleet ginn.

Fir an enger gréisst méiglecher Transparenz ze schaffen, gëtt den Oflaf vun der Interventioun mat der betraffener Persoun beschwat a festgehalen.

Den Abschnitt 3 a 4 vun dësem Kapitel ginn ausser Kraaft gesat, falls offiziell Instanzen (Police, Parquet, Geriicht, ...) misste kontaktéiert ginn, fir datt eng Persoun, déi a Gefor ass, ka geschützt ginn.

Team gëtt reegelméisseg iwwert Interventiounen au Courant gehalen.
Au Besoin, ass en direkten Austausch mam Team méiglech.

## Konsequenzen

Sollt eng Persoun sech net un des Bestëmmungen halen, kann se vum Commissaire général suspendéiert ginn. Déi concernéiert Persoun huet d'Méiglechkeet géint dës Entscheedung vir ze goen, dëst esou wéi d'Prozeduren et virgesinn (Statute Punkt 2.2 & 4.7. & 4.8 an SFH-Reglement).

Sollt en Member vum Team betraff sinn, esou gëtt den Ombudsrot (Statute Punkt 4.7) saiséiert.

Di concernéiert Persoun bleift suspendéiert bis datt eng final Decisioun getraff gëtt. Sollt et erfuerderlech sinn, ka verlaangt ginn, datt d'Persoun u spezifesche Formatiounen deelhëlt, e Coaching kritt oder just nach ënnert verschidde Konditioune Member ka sinn.

Dës Konditioune ginn op Recommandatioun vun der Safe from Harm Ekipp vum Commissaire général decidéiert.

All Persoun kann, falls d'Ëmstänn et verlaangen, aus den LGS ausgeschloss ginn, dëst op Décisioun vum Commissaire général.

Ofgesi vun dëser interner Prozedur, mussen déi national Gesetzer agehale ginn.

Dëst bedeit, datt a bestëmmte Fäll eng Plainte oder e Signalement gemaach muss ginn.

Dës Prozedur gëtt an de Formatiounen erkläert an ass als Infographik fir jiddereen disponibel.

### WICHTEG

Bei net respektéieren vun de Bestëmmungen:

- Commissaire général kann betraffen Persoun suspendéieren
- Persoun huet Méiglechkeet Recours anzeleeën
- Falls Team concernéiert ass:
  -> Ombudsrot gëtt ageschalt
- Méiglechkeet vun obligatorësche Formatiounen, Coaching oder Anhalen vun Conditiounen besteet



# LGS Richtlinn vum Safe from Harm

## Intro

D'perséinlech Weiderentwécklung vum Scout geschitt ob 5 Ebenen: kierperlech, geeschteg, emotional, sozial a spirituell. Dës verschidde Beräicher prägen d' Perséinlechkeet vum Eenzelen.

Si hänken deemno ganz enk zesummen a kënnen net als eegestänneg Elementer betruecht ginn, mee mussen als ee Ganzt verstane ginn. D'Richtlinn vum Safe from Harm berécksiichtegt all dës Beräicher, well si de Kär vun der perséinlecher Weiderentwécklung vun all eise Membere sinn an deemno och eng grouss Roll spille, wat d'Wuelbefanne vu jidderengem ugeet.

LOGO A VENIR

LOGO A VENIR

## Kierper

Um Niveau vum Kierper ass et eis en Uleies, dass jiddereen sech an engem Kader beweege ka, wou hien seng Stäerkten a Schwächte kenneléieren, ausbauen an ausdrécke kann.
Iwwert seng eege Grenzen erauswuesse kënnen, erfuerdert géigesäitege Respekt a Versteesdemech. Seng physesch Fäegkeeten z'erweideren heescht awer och, op säin eegene Kierper ze lauschteren.

E gesonde Liewensstil steet am Fokus vun all eise Bestriewungen. Dofir ass et wichteg, dass all Member informéiert ass, wat negativ Konsequenzen op säi Kierper huet a wéi hie kann dorop reagéieren.

Et ass wichteg, dass keng Persoun bei den LGS kierperleche Schued dovun dréit an, dass jidderee virun negativen Afléss geschützt gëtt.
Dozou gehéiert d'Opklärung an d'aktiv Ausenanersetze mat Theme wéi kierperlech an alimentaire Hygiène, Sécherheet op Scoutsaktivitéiten an de Konsum vun Alkohol, Tubak an anere Suchtmëttelen, sou wéi och all Forme vu Gewalt.

## Geescht

Um Niveau vum Geescht ass et eis wichteg, de Virwëtz vun eise Memberen unzereegen, sou dass si sech kënnen neien Erausfuerderunge stellen an sech hier eege Meenung iwwer verschidden Theme bilden.

De Kader vun den LGS gëtt senge Memberen d' Méiglechkeet, déi eege mental Entwécklung ze stäerken. Heibäi geet et och dorëm Informatioune kritesch ze hannerfroen, Stellung zu verschiddenen Themen ze huelen an Diskussioune kënnen unzereegen.
Et ass eis wichteg, dass grad eis Chef an erwuesse Memberen hier Virbildfunktioun wouerhuelen an anere Liewensstiler oppe begéinen.

Dat heescht, dass d'LGS all Form vun Diskriminéierung a psychescher Gewalt ofleenen an sech fir en tolerant a respektvollt Mateneen asetzen. Gewaltfräi Kommunikatioun an d' aktiv Liewe vu Participatioun am Grupp si wichteg Piliere fir déi mental Hygiène vun all eise Memberen z'ënnerstëtzen.

LOGO A VENIR

LOGO A VENIR

**Gefiller**
Um Niveau vun de Gefiller fërdere mir e Bewosstsinn dofir, dass eist Verhalen een direkten Afloss ob eisen Géigeniwwer huet. D'Geréiere vun den eegenen Emotiounen ass hei zentral. Mir ënnerstëtzen de respektvollen Ëmgang matenee, fir ze verhënneren, deen aneren emotional ze verletzen.
Et geet virun allem dorëms d'Gefiller bewosst wouer ze huelen an och ze verbaliséieren. Dofir ass et wichteg, dass mir Konflikter mat Hëllef vun enger gesonder Sträitkultur ausliewen. Aus dësem Grond brauchen eis Memberen ee Raum wou si hier Emotiounen oppen an altersgerecht ausdrécke kënnen a wou hinnen nogelauschtert gëtt. Esou schafe mir e vertrauleche Kader, deen en Austausch vu Gefiller zouléisst, fir esou säin emotionaalt Gläichgewiicht ze fannen.

LOGO A VENIR

**Spirituellt**
Um Niveau vun der Spiritualitéit hunn d'LGS ee Bewosstsinn dofir, dass all Member seng eege philosophesch a reliéis Usiichte matbréngt. Den oppenen Austausch iwwer dës Usiichten ass d'Basis fir den toleranten Ëmgang mat aneren Iwwerzeegungen. Doduerch kann ee sech mat sengen eegene Wäerter a senger Spiritualitéit auserneesetzen an dës hannerfroen.

Hei ass et wichteg, dass jidderee Zäit kritt dat Erlieften ze verschaffen. Esou kritt een d'Méiglechkeet erauszefanne, wou ee grad am Liewe steet a wéi eng perséinlech Ziler ee well erreechen. Dëse Prozess ënnerstëtzt all Member dobäi säin ënnerlechen Ausgläich ze fannen.

**Soziaalt**
Um Niveau vum Soziale leeë mir vill Wäert op d'Zesummeliewen a Gruppen an op d'Interaktioun vun eise Memberen. Dofir ass et wichteg, eng oppen Diskussiounskultur ze fërderen, wou engem nogelauschtert gëtt a wou all Member ka matschwätzen, matbestëmmen a matgestalten. Dës Iddi vu Participatioun baut op géigesäitegem Respekt a Wäertschätzung op. Jidderee soll d'Méiglechkeet hunn Initiativ ze ergräifen an sech senger Responsabilitéit vis-à-vis vun sech selwer a vun anere bewosst ze ginn.

All eenzelen huet seng Stäerkten a Schwächten, déi hien als Persoun ausmaachen. An eisem alldeeglechen Zesummeliewen erkenne mir des Eegenschaften ouni Virurteeler un. Dëst erméiglecht eis e fairen Ëmgang mateneen. Dat heescht, dass jiddereen sech senger Roll bewosst gëtt an och d'Roll vun deenen aneren ze schätze weess. Doduerch fërdere mir d'Diversitéit an eise Gruppen.

Dës Iddi vum soziale Matenee liewe mir esou wuel am Grupp ewéi och als aktive Bierger an der Gesellschaft vir.

## Zieler an Zäitplang

Bis Enn 2022 setzt sech d'Safe from Harm Ekipp dofir an, all Grupperot eng Renconter ze proposéieren, fir sech als Ekipp an dës Policy virzestellen, hier Doleancen ze héieren a falls néideg op hier Froen anzegoen.

D'Safe from Harm Ekipp setzt sech dofir an, datt bis 2024 Haltung an d'Wësse vum Safe from Harm an de Formatioune vun de Chef present ass.

An der selwechter Zäit gëtt eng Formatioun fir d'Branchenekippen opgebaut an ugebueden. De Fokus läit hei op der Sensibiliséierung, fir potentiell Gefore bei den Umeldunge vu Weekender a Campen ze identifizéieren.

Bis 2026 ginn all déi aktuell Dokumenter analyséiert an un déi aktuell Richtlinnen/Gesetzer ugepasst.

Ab dem Moment wou dës Policy a Kraaft trëtt, steet d'Safe from Harm Ekipp fir all Member, Mataarbechter an Elteren zur Verfügung fir Themen zum Safe from Harm ze beschwätzen/beaarbechten.

## Richtlinnen, Prozeduren a Reglementer

Ofgesi vum legale Kader an deem d'LGS sech befannen an dee respektéiert muss ginn, hunn d'LGS intern Reglementer a Prozeduren.

Dës Bestëmmunge musse vun all Member, Participant oder Intervenant (Mataarbechter) agehale ginn.

D'Safe from Harm Ekipp wäert Prozeduren/Richtlinnen opsetzen. Dës Prozeduren/Richtlinne ginn dem Verbandsrot "pour avis" presentéiert. No eventuellen Upassungen, gëtt di jeeweileg Prozedure vum Verbandsrot validéiert. Bei gréisseren Ännerunge vu Prozeduren, Richtlinnen an/oder Reglementer kann och op de Kongress zeréckgegraff ginn.

Fir den administrativen Opwand kleng ze halen, ginn Dokumenter betreffend dësem Punkt an den Annexe festgehalen. All dës Dokumenter gi bis 2024 vun der Safe from Harm Ekipp duerchgekuckt a bei Bedarf iwwerschafft. All fënnef Joer gëtt dës Policy vun der bestoender Ekipp evaluéiert a falls néideg ugepasst.



# Annexe

**Jugendschutz**

- Info-Maltraitance Négligence
- Jugendschutz a Signalement
- Leitlinne fir den Ëmgang mat Alkohol an Drogen

**Statuten a Reglementer (kuck an der Chefbox)**

- LGS Statuten
- Reglement 01 - Decisiounen
- Reglement 02 - Wood Badge
- Reglement 03 - De Grupp
- Reglement 04 - Member ginn
- Reglement 05 - Fändelen
- Reglement 06 - Gruppechef
- Reglement 08 - Formatioun
- Reglement 09 - Ernennung
- Reglement 10 - Iwwerschreiwe vun Ernennungen
- Reglement 11 - Unerkennung Formatioun SNJ aner Organisatiounen
- Reglement 13 - Weekend a Camp
- Reglement 14 - Branchen
- Reglement 15 - Uniform an Ofzeechen
- Reglement 16 - LGS Eierenofzeechen
- Reglement 17 - Grouss Campen
- Reglement 18 - Albatrossen

## Gesetz, Engagement an Devise

**Gesetz**
Eng Guide / e Scout
ass zouverlässeg
ass éierlech a fair
ass bereet ze hëllefen
ass gutt zu all Mënsch
mécht den éischte Schrëtt a setzt sech a fir Gerechtegkeet
respektéiert d' Liewen an all sénge Formen
kann nolauschteren a Kritik erdroen
huet eng positiv Liewesastellung
ka sech organiséieren a mécht näischt hallef
hält sech kierperlech a geeschteg gesond

**Engagement (dat aktuellt muss nach vun WOSM validéiert ginn)**
Ech engagéiere mech,mäi Liewe sënnvoll ze gestalten a Verantwortung ze iwwerhuelen,
meng Ëmwelt ze respektéieren a mech fir Fridden a Gerechtegkeet anzesetzen,
mech dobäi u Jesus Christus ze orientéieren an nom Guide/Scoutsgesetz ze liewen.

**Devise**
Ëmmer bereet!

## Prozeduren

- Nouttelefon (allgemeng)
- Nouttelefon (SFH an Aarbecht)



# Contact Us

**Address:**
LGS - Safe from Harm
5, rue Munchen-Tesch
L-2173 Lëtzebuerg

**E-mail/Web:**
safefromharm@lgs.lu

**Phone:**
+352 26 94 84